N°4096
Entrée le 15.05.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 15.05.2026
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 13. Mee 2026

Här Präsident,

Sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Minister vun der Gesondheet an der sozialer Sécherheet an den Här Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil weiderzeleeden.

- Ech géif gär vun de Memberen aus der Regierung wëssen, wéi d'Zuel vun den ausbezuelte Mammerenten sech zënter 2002 entwéckelt huet?
- Wéi héich ass d'Mammerent haut am Verglach zu deemools?
- Wéi héich sinn d'Ënnerscheeder tëschent dem Montant jee nodeems vu wiem se ausbezuelt gëtt?
- Wéi vill Mammerente ginn haut fir 1, 2 oder méi Kanner ausbezuelt?
- Wéi hunn d'Budgetskreditter sech zënter hirer Aféierung bis haut entwéckelt?
- Wéi wäerten déi Budgetskreditter an d'Kreditter beim Fonds de Solidarité sech weider entwéckelen?
- Gëtt dru geduecht fir di ausbezuelte Montanten ze harmoniséieren, onofhängeg vun deem dee se ausbezilt?
- Wéi vill Stéieren op der Mammerent fléissen bei de Staat zeréck?

Mat déiwem Respekt

Mars Di Bartolomeo
Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu